
**BiGS**

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# INVITATIOUN
# INVITATION

19 h
accueil
points statutaires
rapports - discussions
votes

20.30 h
dîner *




* à confirmer jusqu'au 29.02.2020 sous bigs@pt.lu au choix A: dinde farcie 18 € / B: spaghettis à l'arrabiata 12 €

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# GENERALVERSAMMLUNG vum 4. Mäerz 2020

Brasserie Boulodrome Metzerlach

## 19:00 h Ouerdentlech Generalversammlung

- Accueil
- Aktivitéitsbericht
- Keessebericht
- Bericht vun den Reviseurs de caisse
- Décharge Komitee an Keessière
- Frei Aussproch
- Neiwal vum Komitee an de Keesereviseuren/Innen
- Schlusswuert

## 20:30 h Owesiessen

**Rapport d’activités**

Den 25. September 2019 hat d’BIGS eng ausseruerdentlech Generalversammlung wou mir d’Statuten aktualiséiert an adaptéiert hunn.

An de Komitee gewielt goufen:

- Bianca Leardini als Präsidentin,
- Patrizia Arendt als Sekretärin,
- Monique Reder als Keessière,
- Myriam Cecchetti an den Alf Gurschké als Komiteesmemberen.

D’BIGS ass als Vereenegung Member an der Entente des Sociétés vu Suessem. Eis Vertriederin am Komitee  ass d’Monique.

D’BIGS ass och mat 2 Membres am Aarbechtsgrupp « Contournement » vun der Gemeng vertrueden; dat sinn d’Bianca an d’Patrizia.

De Komitee huet sech am ganzen 6 Mol getraff, huet awer virun allem iwwert E-Mail mateneen korrespondéiert.

Mir hunn eng Facebooksäit an e neien Internetsite opgemeet.

@SuessemBIGS

https://www.facebook.com/SuessemBIGS/?modal=admin_todo_tour

bigslu.net

https://www.bigslu.net/

Op fb hu mer 340 Abonenten

Eis Internesäit ass 600 mol ugeklickt ginn.

Mir hunn 3 Newsletteren op Lëtzebuergesch an Franséisch eraus ginn. Déi kann een vun eisem Internetsite eroflueden.

Ënneranerem huet d'Generalversammlung am September decidéiert am Dossier Contournement nees verstäerkt an der Ëffentlechkeet aktiv ze ginn.

Et ass also nëmmen normal, dass eis gréissten Opmierksamkeet an ganz Kraaft an e gudden Deel vun eisen Finanzen virun allem ëm den Thema vum Bau vum Contournement gekreest hunn an eis nach weiderhinn beschäftege wäert. Ma dozou méi spéit.

Hei soen mer de Gemeng e grousse Merci, dass si eis den Eirewäin fir den Owend gespend hat an eis gehollef hat beim Verdeelen vun eisem Flyer.



Während de Summerméint haten mer mat Studenten vum Art&Métiers en Film vu  net grad 5 Minuten realiséiert wou nach emol déi ganz Thematik vu Klimawandel, Zersiidelung, Verloscht vun der Biodiversitéit am Zesummenhang mam geplangten Bau vum Contournement vu Käerjeng duerch eng Natura 2000 Zone erläutert gëtt.

Mir hunn de Film op eisem Informatiounsowend, den 9. Oktober virgestallt. De Film gouf op eiser fb-Säit 2.689 an op Youtube 557 mol opgeruff.

fb: @SuessemBIGS

YOUTUBE: https://www.youtube.com/watch?v=4KiXzSQ1wSs&t=47s



Mir hunn zesummen mat der HipHop-Grupp PACHAMAMA FAMILY e Räpp opgeholl.
Op eiser Facebooksäit ass eng spontan Opnahm vun der Klimamanif 1.065 mol opgeruff ginn an eis Slideshow mat der Musek  as 2.711 mol ugeklickt ginn.






De 27. September 2019  hunn BIGS-Memberen un der grousser Manif vun Youth for Climate Justice deelgeholl. En glécklechen Zoufall wollt, dass eise Räpp fir d‘éischte Kéier ëffentlech während der Klimamanif gespillt gouf. Dat wuar en zimlech emotionalen Moment fir eis all.







**Dir braddelt a labert
iwwer Biodiversitéit?
Ma wann de Bësch bis fort ass,
dann ass et vill ze spéit!**

**FANGEREN EWECH VUN
DE NATURA 2000 ZONEN !**

**Mir retten eise Bësch
Da rette mer och Däch
Du bass en Deel dovunner
Mënsch denk ëmmer dorunner**

**BIGS**

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**






9. Oktober 2019: Informationsowend am Hall Polyvalent iwwert de Contournement mam Me Lang wou eng ronn 100 Interesséiert Bierger, verschidden Gemengeréit an Journalisten deelgeholl hunn.

Erfreelecherweis wuaren och eng partie Gemengeréit präsent fir sech iwwert den Dossier Contournement z'informéieren.

De Buergermeeschter hat deen Owend Chambersitzung an déi 2 Schäffinnen wuaren och entschëllegt.

Dat wuar e ganz opschlossreichen Owend wëll esou munch Ongereimtheeten am Dossier Contournement op d'Tapéit komm sinn. Falsch NOX-Wäerter, falsch Pläng, falsch Conclusiounen.  An als Suite e Gesetz wat jo net richteg ka sinn.

9. November 2019: Nationalen Daag vum Baam
Baamplanzaktioun zu Suessem an Start vun eiser Sammelcampagne „Fir de Mënsch – Fir de Bësch.


















6. an 7. Dezember um Wantermoart zu Suessem am Kader vum 50. Anniversaire vun der Entente mat engem Bastelstand fir Kanner mat Naturmaterialien an engem Quiz iwwert Déieren aus eisen Bëscher.

12. an 13. Dezember wuare um Faire Wantermaart zu Zolwer.

**BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM asbl**

**B** breet Bierger-Bedeelegung

**i** Iddi, Informatioun an Initiative
Recht op Participatioun an eis Determinatioun
zwee Zeechen - een Dësch (top down - bottom up)

**G** Gemeng a Gemeinschaft

**S** Suessem, Solidaritéit, sozial an ökologesch Transitioun

Méindes, den 9. Dezember hat de Gemengerot eestëmmeg eng Resolutioun mat Moossnamen zum Schutz vum Klima ugeholl.

D’Kanner hunn den Text erkläert kritt an doropshin eng Plakat mat Biller gemeet, fir all de Kanner d’Problematik verständlech ze maachen.

D’Klimaresolutioun op Franséisch an op Däitsch (vun der BIGS iwwersat) fand der bei eis um Site

[https://www.bigslu.net/30-joer-kannerrechter](https://www.bigslu.net/30-joer-kannerrechter)



# 30 Joer Kannerechter


Dofir hate mer och den 13. Dezember als BIGS eng Aktioun zum 30. Joeresdag vun der Declaratioun vun de Kannerrechter.

Eis Gemengenpappen a Gemengemammen hunn vun enger klenger Kannerdelegatioun eng kleng Brochüre mat den 54 Artikelen zu de Kannerechter iwwereecht kritt.



Weider hate mer mat de Kanner 2 grouss Pappfiguren mat de Wënsch a Fuerderungen vun de Kanner iwwereescht, déi der bei der Entrée zum Biergerzenter an der Gemeng bewonnere kennt.



# BIGS 30 Joer Kannerrechter

fir eis Kanner

Mir wollten alle Gemengeréit Merci soen, dass si e Méindeg en Text ugeholl hutt mat Iddien wéi mir de Klima besser schützen kennen.

Mir feieren dëst Joer 30 Joer Kannerrechter.

Mir hunn iech e klengt Buch matbruecht wou se all dra stinn.

Am Artikel 24 steet: All Kand huet Recht op eng propper Ëmwelt.
Am Artikel 27 steet: All Kand huet d'Recht op e gutt Liewen.

An ärem Text hutt dir versprach alles dofir ze maachen.

Mir Kanner wäerten och mat hëllefen verschidden Iddien ëmzesetzen.

Dofir wëlle mer dass verschidden Méiglechkeeten fir eis Kanner geschaafe ginn.

Am Artikel 13 steet: All Kand huet d'Recht sech z'informéieren an seng Meenung mëndlech, schrëftlech oder kënschtleresch auszedrécken a mat aneren ze deelen.

Fir dass mir dat maache kënne

- wënschen mir eis, dass et an allen Schoulen e Klasserot gëtt;
- wënschen mir eis, e Kannerparlament wou mir Kanner eis Iddien diskutéieren an Projets plangen kënnen
- wënsche mer eis, dass am kuertz & knapp och Noriichten déi eis Kanner besonnesch interesséieren dra stinn an an enger Sproch déi mir verstinn.

Mir hunn den Text iwwert de Klimaschutz erkläert kritt an déi passend Biller dobäi gemaach, fir dass all d'Kanner en och verstinn.

A well all Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng sollen mathëllefen hu mir iech 2 Figuren matbruecht, wou alles drop steet.

Zu Wooltz gëtt et e Kannerbüro wou Kanner hier Rechter an Flichten liewen kennen. Dat wënsche mir eis och fir d'Kanner aus der Suessemer Gemeng.

Suessem, den 13. Dezember 2019

# 2020

2016 = 40 µg/m3
2017 = 38 µg/m3
2018 = 42 µg/m3
2019 = 38 µg/m3

Gudd Neiegkeeten kommen vun der Miesstatioun vu Käerjeng: déi läscht 4 Joer, also vun do un wou systematesch mat den adequaten Miessinstrumenter op eng wëssenschaftlech Art a Weis d'Nox-Wäerte gemoss gin sinn, si just 2018 ëm 2 µg/m3 iwwerschratt ginn. Tendenz weist kloer no ënnen. Déi Käerjenger Leit op der avenue de Luxembourg kënnen am richtege Sënn vum Wuert opotmen.



# 2020

Prioritär bleiwt fir d'BIGS  nach ëmmer den Dossier **CONTOURNEMENT** an do wäerte mer mat de Kolleginnen a Kollegen vum **MOUVEMENT Régional Sud an NATUR&ËMWELT Gemeng Suessem** zesummen den 17. **Mäerz** eng **gemeinsam Pressekonferenz** organiséieren.

mouvement écologique

natur&ëmwelt

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# 2020

An der Läscht gëtt BIGS ëmmer méi oft vun Leit aus eiser Gemeng kontaktéiert déi sech duerch  Geroch a Nuetskaméidi an hierer Liewensqualitéit ageschränkt a belaascht fillen.

Mir sinn als BIGS dofir am gaangen Témoignages ze sammelen an hunn heizou eng Aktioun geplang.

Zu der Aktioun kann iech de Romain e puer Erklärungen ginn. De Romain an de Claude wäerten fir d’BIGS deen Dossier prioritär suivéieren.

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

**OPRUFF un d’Bierger aus der Gemeng SUESSEM**

**Gett Är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vun GEROCH a NUETSKAMÉIDI ?**

**Mir wëllen där Saach op de Fong goen an d’Verursaacher erausfannen. Mellt Iech wann der och betraff sidd!**

**Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !**

**bigs@pt.lu**





**GEROCH & NUETSKAMÉIDI**

# 2020

**SAVE the DATE**

**Samsdeg den 24. Oktober** organiséiere mir eng Pilzwanderung duerch d'Natura 2000 Zone mam Fernand Schiltz als Expert.



Voilà den Aktivitéitsbericht vun September bis Dezember 2019 an den 2. éischte Méint vun dësem Joer mat engem kuerzen Ausbléck op dat wat nach dest Joer op eis zoukomme wäert.

6 ganz intensiv Méint an dat schléit sech och an de Finanzen erëm wéi der elo vum Monique wäert erläutert kréien.

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2019

| soldes au 01/01/2019 | |
|---|---|
| ccp | 105,54 |
| caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 71,35 |
| ccra épargne | 3.710,18 |
| | |
| TOTAL | 3.903,30 |

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2019

| | RECETTES | DEPENSES | | |
|---|---|---|---|---|
| MEMBRES COT 2019 | 295,00 | | | |
| Dons | 3.035,89 | | | |
| Intérêts | 2,98 | | | |
| ***Frais administratifs*** | | 593,48 | | |
| Assurance | | | 108,32 | |
| Missions et réceptions | | | 37,30 | |
| LBR | | | 85,64 | |
| Frais de virements + bancaires | | | 32,70 | |
| Frais abonnement Internet | | | 13,52 | |
| Frais mat. Bureau | | | 306,00 | |
| Frais Cotisation Entente, Sanem | | | 10,00 | |
| ***Frais Campagne "Bësch"*** | | 1.400,00 | | |
| Rapp | | | 400,00 | |
| Film | | | 1.000,00 | |
| ***Frais réunion d'information*** | | 1.362,00 | | |
| | | 1.771,50 | | |
| Frais Location Hall | | | 75,00 | |
| Frais Imprimés | | | 468,00 | |
| Frais Avocat | | | 819,00 | |
| Frais Traduction | | | 409,50 | payé exercice 2020 |
| | | | | |
| TOTAL | 3.333,87 | 3.355,48 | | |
| | | | | |
| **RESULTAT: PERTE** | | | | **-21,61** |

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2019

| soldes au 31/12/2019 | |
|---|---|
| ccp | 2.723,49 |
| caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 132,81 |
| ccra épargne | 1.009,16 |
| total | 3.881,69 |

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2019

| soldes au 01/01/2019 | | soldes au 31/12/2019 | |
|---|---|---|---|
| ccp | 105,54 | ccp | 2.723,49 |
| caisse | 16,23 | caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 71,35 | ccra c/c | 132,81 |
| ccra ép. | 3.710,18 | ccra ép. | 1.009,16 |
| **TOTAL** | **3.903,30** | **TOTAL** | **3.881,69** |

**RESULTAT DE L'EXERCICE: - 21,61**

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER **Prévision 2020**

| | RECETTES | DEPENSES | |
|---|---|---|---|
| MEMBRES COT 2020 | 500,00 | | |
| Dons | 12.000,00 | | |
| Assurance | | 110,00 | |
| Frais de virements + bancaires | | 40,00 | |
| Frais administratif | | 450,00 | |
| Frais Campagne "Bësch" | | 12.000,00 | |
| Pilzwanderung | 400,00 | 200,00 | |
| divers | | 100,00 | |
| TOTAL | 12.900,00 | 12.900,00 | |

| RESULTAT: | 0,00 |
|---|---|

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# COLLECTE DE FONDS pour RECOURS :

| | |
|---|---|
| **Frais (prévision)** | **12.000,00** |
| **2019** | **3.035,89** |
| **2020 (janvier – février)** | **1.075,00** |
| **Fonds collectés** | **4.110,89** |
| **Fonds à collecter** | **7.889,11** |


# BIGS GOES DIGICASH

Säit kuerzem hu mir als BIGS och zwee DIGICASH-Codes.

Een fir ganz einfach a schnell seng

**Memberskaart 10 €**

ze bezuelen




an een fir **Dons** ze maachen wou een de Montant ka selwer bestëmmen.



- Bericht vun den Reviseurs de caisse
- Décharge Komitee an Keessière
- Frei Aussproch
- Neiwal vum Komitee an de Keeserevisueren/Innen
- Schlusswuert


Merci fir
d’Nolauschteren !